# eng KLACK fir eis SPROOCH

33. Joer

Nr. 322

ACTIOUN LËTZEBUERGESCH
EIS SPROOCH



20, Conter-Strooss – L-5955 Izeg
Tel. 47 06 12
**E-Mail:** actioun@letzebuergesch.lu
http://www.actioun-letzebuergesch.lu



**Cotisatioun: 20 €**
**CCPL LU75 1111 0066 4448 0000**
**BCEE LU52 0019 1000 7250 4000**

**Eise Comité:**
Claude Bache (President a Caissier); Lex Roth (Vize-President); Patrick Kaell (Sekretär); Mariette Atten-Haag, Patrick Ehleringer, Yuri Miny, Suzette Schmit-Lehnertz a Vic Weber (Memberen)

**Wann Dir der AL wëllt en Don maachen, dann iwwerweist op de Konto IBAN LU24 0019 4655 0203 7000 vum Fonds culturel national mat der Mentioun „Agrément N° 2024/147 Actioun Lëtzebuergesch"**

**Nächst Klack (Nr. 323): Samschdes, de 4. Juli 2026**


## Generalversammlung 2026

Mir invitéieren eis Memberen op eis Generalversammlung mat Patt a Virwëlzbrout, an zwar e Samschdeg, den ***13. Juni 2026,*** um ***15 Auer*** an der ***Buvette*** vum ***Centre Joseph Altmann*** zu Hesper – 9, rue de Bettembourg.

Parkméiglechkeete ginn et op en ettlech Plazen an der Ëmgéigend zu Hesper.

Wie gär an eisem Comité matschafft, ka sech nach bis virun der Versammlung mellen; et sinn nach genuch Plaze fräi!

Déi Leit, déi interesséiert sinn, kënnen op der Generalversammlung och virun der Kamera schwätzen an op Froen iwwer eis Sprooch äntweren. Déi kuerz Videoclippe publizéiere mir dann op de soziale Medien.




(Foto: AL)

## D'AL de 26. Abrëll 2026 um Biwer Bichermaart




(Foto: AL)

All zweet Joer organiséiert d'Rout-Kräiz-Sektioun vun der Gemeng Biwer e grousse Bichermaart am Centre „Fancy", op deem d'AL dës Kéier och nees mat engem Stand derbäi war.

Eng ganz Rei Leit hu sech do iwwer d'Lëtzebuerger Sprooch informéiert, an dat eent oder anert Buch aus eisem Verlag konnte mir „un de Mann" bréngen.

## Dat huet keng aner Sprooch!

- D'Bomi ass doruechter.
- De Pätter ass verkënnt.
- Gëff dech mam Gebraddels.
- Ech wäschen de Kapp (2 Bedeitungen!).
- Ech gi mech ellen drun.
- De Jos huet se net all.
- Hal se zou!
- Botz deng Schnuddel.
- Wat e Gejäiz/Gestëppels/Beschass/Gedéngels.
- Schlupp net esou do.
- Ech kann deen net brauchen.
- Ech hu mech geflass/druginn.
- Da meng alt .
- Ech hunn eng Bloder/ e Roff/ den Neelchen.



## De Witz-Eck

**Suergen**

– *„Lauschter Pitti, däi Schoulmeeschter huet mer haut op d'Aarbecht ugeruff. Hie mécht sech Suerge wéinst denge schlechte Resultater."*

– *„Ma Papp! Zënter wéini interesséiers du dech da fir d'Suerge vun anere Leit?"*

**An der Praxis?**

*Den Dokter: „Sot, Iech hunn ech awer scho laang net méi hei gesinn."*
*Da Patient: „Jo, ech war vill krank."*

*(nach vill méi Witzer fannt Dir am Jérôme Lulling sengem Buch „170 Witzer op Lëtzebuergesch" ze kréie bei der AL)*

## Vu Bomien a Kandskanner

Ech hunn en Tour mat menge Kandskanner duerch de Gaart gemaach. Si hu gemengt, mäi Flieder géif awer schéi bléien an esou gutt richen. Fir d'éischt hunn ech mer näischt derbäi geduecht, bis meng Bomi mer agefall ass, déi huet anescht gesot. Schonn nees hunn ech mech derbäi erwëscht, datt ech sou munnecht Wuert net méi gebrauchen. Héich Zäit, dat ze änneren, an natierlech wëll ech menge Kandskanner dat weider ginn.

Bei menger Bomi huet am Fréijoer net de Flieder, mä den **Neelchesbam** rosa, wäiss a lila gebléit. A meng Fleeschbritt maachen ech ënner anerem **Neelcheskäpp**. Wann s de en **Neelchen** häss fir dat Bild hei opzehänken ... Do Händschen un, soss kriss de den **Neelchen**.

Ech erënnere mech, datt mir den „Efeu" **Wantergréng** genannt hunn, eng Planz, déi och am Wanter gréng ass. Ech wëll dat haut och erëm soen. Awer wuelgemierkt: net all Planz, déi am Wanter gréng bleift, ass **Wantergréng**.

Hues de eng **plakeg Kopp**, dann do léiwer en Hutt op, fir an d'Sonn ze goen. Hei am Dall kënne mir fueren, wuer mir wëllen, et muss een ëmmer iwwer eng **Kopp**. Wann s de mat dem Auto net oppass, kanns de mol **iwwer d'Kopp** goen, eng reegelrecht **Kopplabunz** schloen.

D'Lëtzebuerger sinn derfir bekannt, datt se gäre **gutt jicken**. Mat enger **Jick** huet ee besser, bei den Zänndokter ze goen. Wéi mir kleng waren, hu mir mat de **Jicke** gespillt oder mat de **Weck**, deemno wou een hierkënnt. Een, de kee Courage huet an ëmmer kleng bäi gëtt, deen huet **keng Jicken**, resp. **keng Weck**.

Hunn ech Feierowend, dann doen ech meng **Schlappen** un a leeë mech bei de Kamäin. Si mir chic agelueden, da bënnt sech mäi Mann e Schlapp ëm. Ech hu mol en Här kannt, deen ass ouni **säi Schlapphutt** net ënner d'Leit gaangen. Sinn d'Schong ze grouss, da **schlabbert** een dran, an eisen **Hond schlabbert** beim Drénken.

D'Serveuse bënnt hiert Zerwéierschiertech mat engem schéine **Schlapp** zou. Putsch huet an deem Kontext dee selwechte Sënn. Du kanns deng Hoer och mat engem grousse Schlapp zesummebannen, mä an deem Fall seet ee vläicht éischter: e **Putsch** an d'Hoer maachen. Wann e Politiker durech e **Putsch** ëm d'Liewe kënnt, dann ass dat eppes ganz aneschtes, dat Wuert mat deem Sënn ass net an eiser Sprooch gewuess.


En deet seng **Schaffbox** u fir an d'**Box** bei d'Päerd ze goen.

Ech verstinn, datt ee bei all deenen Ausdréck do ka schéin duerchernee gerodeen. Dozou hätt meng Mamm gesot: „Ech si ganz **verkuebelt**", ech menge meng Kënnercher och. *S. L.*



*... „Bei menger Bomi huet am Fréijoer net de Flieder, mä den* ***Neelchesbam*** *rosa, wäiss a lila gebléit" ...*

(Foto: Adobe Stock)



## D'Kläckelchen 321

(eng Rubrik fir déi Jonk, a fir déi, déi sech jonk fillen)

**Opléisung vum Rätsel vun der Kläckelchen 321**

EENT - ZWEE - DRÄI

JANUAR - FEBRUAR - MÄERZ

ROUT - WÄISS - **BLO**

BAUER - DAMM - **KINNEK**

ALI BABA AN DÉI **VÉIERZEG** RAIBER

DEELEN, WÉI D'PISSENGER MAT DE **KUEBEN**

EEN AF MÉCHT DER **HONNERT**

MOIES - MËTTES - **OWES**

EEN AN DEN ABRËLL **SCHÉCKEN**

CORON**A** - BËB**EE** - AB**C** - ORCHI**DEE** - PÜR**EE** - CHE**F** - EK**G** - RE**HA** - BADETT**I** - KAC**KA** - FR**ELL** - FL**EMM** - ANT**ENN** - PIAN**O** - KANNA**PEE** - AK**KU** - PEFFERK**ÄR** - EXPR**ESS** - PÂ**TÉ** - **SU** - **UV** - SCHLÄICH**WEE** - MI**X**